# „Schéine Bonjour aus Palästina“

*D’Autorinne waren tëscht dem 1. an dem 10. Abrëll am Kader vun enger Studierees an Israel an am Westjordanland. D’Rees gouf organiséiert vum „Comité pour une paix juste au Proche-Orient“. Matgereest sinn 28 Leit, ënnert deenen nieft den dräi Politiker Felix Braz, Tessy Scholtes a Marcel Oberweis, Journalisten, Proffen an interesséiert Bierger waren. Etappe vun der Rees ware Jerusalem, Bethlehem, Hebron, Ramallah, Qalqiliya, Jayyous, Nablus, d’Vallée du Jourdain, Akko, Nazareth an Haifa.*

Zu Jerusalem gesäit een se net wierklech, déi berühmt-berüchtegt Gréng Linn, déi no internationalem Recht d‘Grenz zitt tëscht Israel an dem Westjordanland. Déi Linn trennt, op eng ganz theoretesch Manéier West- vun Ost-Jerusalem, Israelie vu Palästinenser. Mee zu Jerusalem sicht een ëmsoss no där grénger Linn. Si materialiséiert sech net. Zu Jerusalem sicht een ëmsoss no där Mauer, déi jo soss bal op der ganzer Längt vun der „Grenz vun 1967“ trennt, wat am Noen Osten numol scheinbar getrennt muss ginn. Foussgänger mat Keffiyeh oder Kippa, si lafe kräiz a quier duerch Jerusalem, kee Grenzzaldot hält se op.

Zu Jerusalem fiert op engem kuerze Stéck vun der grénger Linn en Tram. Dat kéint net just wéinst dem Wuertspill en ecologesche Geescht erfreeën, wann d’Ëmstänn ganz anerer wieren. Dës maachen awer, dass e politesche Geescht sech driwwer freet, dass dee schmocken neien Tram ëmmer sou eidel ass, wann e laanscht fiert. En ass gebaut ginn ënner anerem mat der Ënnerstëtzung vun enger franséischer Entreprise (fir de Numm net ze nennen: Alstom), déi mat hirer Bedeelegung un deem Projet géint internationaalt Recht verstéisst: si huet vun enger militärescher Occupatioun wirtschaftlech profitéiert.

Den éischten Tram an Israel (en zweete soll elo zu Tel Aviv entstoen) ass gebaut ginn am Optrag vun der israelescher Regierung. En déngt ënner anerem derzou fir Siidler an den neien, ausschléisslech israeleschen, Quartier Pisgat Ze’ev ganz am Oste vu Jerusalem – also hannert déi gréng Linn – ze bréngen. De Bau vum Tram ass e Schachzuch, deen hëlleft fir d’Fronten an engem Krich op der Landkaart lues a lues ze réckelen. Wann een um leschten Arrêt vum Tram rausklëmmt, gesäit een se op eemol awer, d’Grenz. Net déi international unerkannten, mee déi *de facto* geschafen.

Héich Betonsmaueren trenne Pisgat Ze’ev vum palästinensesche Flüchtlingslager vis-à-vis, a vum Westjordanland. Vun den Terroristen? Wann een do steet zu Pisgat Ze’ev, mat der Vue op eng Mauer, déi soll trennen, an da fiert een zréck an de Stadkär, wou sech alles mëscht: kathoulesch Pilger, ultra-orthodox Judden, israelesch an arabesch Studenten, aarm Falafel-Verkeefer a räich Touristen.

Wann ee sech zesumme mat engem Grupp vun 30 „Lëtzebuerger“, dorënner Judden, Muslimen an Atheiste mat de verschiddenste politeschen Iwwerzeegungen, ënnert all déi aner Mëllerte stierzt. Wann een sech do matdreiwen léisst, gëtt et schwéier ze verstoen, firwat dee kulturelle Chaos politesch onerwënscht ass. Och wann dee Chaos an der Alstad vu Jerusalem alles anescht wéi perfekt ass – am arabesche Quartier gesäit ee vill Iwwerwaachungskameraen an Haiser vun israelesche Siidler mat bewaffnete Sécherheetsleit op den Diecher –, e gëtt engem e Gefill dofir, wéi Fridde kéint ausgesinn. ◆

**Pia Oppel**



Bei guddem Wieder gesäit ee vu Qalqilya aus dat blot Mier um Horizont. Et muss ee just eng Plaz fannen, wou een iwwert déi 8 Meter héich Mauer gesäit, déi ëm déi ganz Stad gebaut ginn ass. Déi ongeféier 45 000 Awunner, déi sech 4 Quadratkilometer deelen, kënnen d'Plage wuel gesinn, mee selwer dohi schwammen ze goen, ass net méiglech. Fir aus der Stad eran oder eraus muss een duerch en Checkpoint oder en ënnerierdeschen Tunnel. Mir woren esou en Checkpoint besichen, deen dräi mol den Dag während enger Stonn op ass. An dat och just wann d'Israeli Zaldote Loscht hunn ze schaffen.

An der praller Sonn waarde Schoulkanner, Aarbechter a Bauere virum Stacheldrot. Et ass Abrëll a schonn zimlech waarm. Eise Guide mengt, et wier nach angenehm, a mir sollte mol am Héichsummer zeréck kommen a mat de Leit an der Hëtzt waarden. De klengen Ënnerstand bitt dann och net méi vill Schutz. Dräi Zaldote mat Sonnebrëll a Maschinnegewier stinn hannert dem Sécherheetszong an 30 Lëtzebuerger, all mat Kamera ausgerüst, schéngt se net ze stéieren. Et ass réischt zéng fir 12 an d'Gitter gëtt nach net opgemaach. D'Schlaang virum Checkpoint gëtt elo ëmmer méi laang. Um Punkt 12 Auer späert den Zaldot mam wäisse Rayban Brëll d'Sécherheetsdier op. Eenzel kënnen d'Leit elo duerchgoe bis bei ee Container, wou hir Pabeiere kontrolléiert ginn. D'Kanner am Schoulbus kënnen direkt duerchfueren, mee de Chauffeur muss perséinlech Responsabilitéit fir all seng Schüler am Bus huelen. Vu Vis-à-vis kënnt eis eng ganz Häerd Scheewercher entgéint. Si mussen och duerch den Checkpoint, deen engem 10 Meter No-Man's Land gläicht. Et ass net wierklech e No-Man's Land. Wann et en No-Man's Land wier, géif et jo kengem gehéieren. D'Land un der anerer Säit vun der Mauer gehéiert zu deem fruchtbarste Land am hellege Land. Qalqilya hat virum Bau vun der Mauer dat beschte Geméis an Uebst an der Géigend. Elo wuesse ronderëm Qalqilya an all Richtungen nëmmen nach Israelesch Siidlungen. Si gesinn all d'selwecht aus mat hire rouden Diecher. Fir hir fruchtbar Felder ze erreechen, mussen d'Baueren oft kilometerwäit Ëmweeër maachen. Fir Uebst a Geméis op der anerer Säit vun der Mauer ze verkafen ass net sou einfach. Vill Baueren dierfen och ganz einfach net méi op hir Felder. De Besëtz vum Feld dierf net weiderverierft ginn, wat heescht, dass oft de Bopa deen eenzegen ass, deen nach legal op d'Feld dierf schaffe goen. An d'Leit waarden einfach an der Sonn. Et ass hinnen net ofzegesinn, dass se rose sinn, verzweifelt sinn oder just keng Gedold méi hunn einfach ze waarden. Ech gi schonn nervös no 10 Minutten an der Sonn. An da gëtt déi Mauer am Numm vun der Sécherheet gebaut. Sécherheet viru weem?

D'Impressioune vun deem Dag zu Qalqilya hunn en déiwen Androck bei mir hannerlooss. Eng Ausso vun engem Bauer dee selwechten Dag zu Jayyus, engem Duerf e puer Kilometer vun Qalqilya entfernt, ass mir am déifsten hänke bliwwen. „Bei der éischter Intifada goufen et keng Israelien, déi mat eis manifestéiert hunn. Säit der zweeter Intifada gëtt et keng Manifestatioun méi, wou keng Israelien eis ënnerstëtzen an dobäi sinn", huet den Omar eis gezielt. D'Situatioun am hellege Land ass deelweis esou déif festgefuer, dass et heinsdo net einfach ass optimistesch ze bleiwen. Weiderhi rutscht d'israelesch Gesellschaft politesch ëmmer méi no riets. Mee dee Saz vum Omar huet mir Hoffnung ginn, dass et awer nach méiglech ass, dass sech d'Situatioun ännere wäert. An den Hoffnungsschimmer ass deen Dag vun der Rees komm, wou ech am meeschten Hoffnung verluer hat. ◆

**Carole Reckinger**




An engem Kleederbuttek zu Ramallah erkënnegt sech eis Frëndin a sengem perfekten Arabesch, op a wéi gutt Graffitien an der Haaptstad ugesinn oder akzeptéiert ginn. De Steen ass domat un d'Rulle bruecht, 10 Minutte méi spéit si mir an engem Handysbuttek géigeniwwer vun der Strooss, mam Kleederverkeefer a sengen 3 Kolleegen aus der Stadverwaltung a si diskutéieren hëtzeg an duercherneen an enger Sprooch, di ech net verstinn. Kuerz dono weisen si eis eng Mauer, déi den Olivier (aka Sader) dekoréieren däerf. Mi spéit am Owend sollen den Olivier an ech eis mat hinne bei der Mauer treffen, si hu verséchert zu eisem Schutz dobäi ze bleiwen. Schutz viru weem oder wat ass eis onbekannt, a si sinn net do.

Mir leeën trotzdeem lass a wonneren eis op di, vun eis als skeptesch emfonnte Blécker, dem Fait gëllen, datt Touristen sech d'Fräiheet eraus huele Mauere matzen an der Stad hellmov ze sträichen oder deem, datt eng jonk Fra op der Strooss Béier drénkt. Mäin onbehollefte Versuch meng Béiersbéchs an enger Plastikstut ze verstoppen, wéi an den amerikanesche Ghettofilmer, just manner authentesch, hëlleft net immens vill. Ech hunn e liicht onwuelt Gefill, denken un di zwee, déi eis virun iergendeppes beschütze wollten an hoffen, datt di palästinensesch Police méi kulant ass ewéi di lëtzebuergesch, well soss geet dat hei wahrscheinlech schif aus. Ech géing ongär matgeholl an ausgefrot ginn, ouni eppes ze verstoen, a villäicht souguer agespaart wéint Erregung vun ëffentlechem Ierger. Obwuel, Palästinenser si bestëmmt Schlëmmeres gewinnt, wat dat ubelaangt.

Geschwë bleiwen zwee jonk Borschte stoen, kuerz dono aacht weiderer, se sinn all vuerwëtzeg an intresséiert. Mir diskutéieren a méi oder wéineger guddem Englesch. Ech verséchere mech, datt ech net wéinst Béier drénke kann an de Prisong kommen, an deen een oder aneren drénkt eng Schlippche mat. De Sader fänkt mëttlerweil mat der Skizze vun sengem Bild un, wat weidert Onbehage bei eis zwee ausléist, well den Ausgangspunkt vum Bild soll en Davidsstär sinn.

Et huet e Moment gedauert, bis de Sënn vum Gesamtbild erkennbar ginn ass a sou laang wor deen een oder aneren, trotz eisen Erklärungen, skeptesch, ganz skeptesch, wat deen Davidsstär do soll, an de Stroosse vu Ramallah! De Kënschtler schweesst an ech probéiere léif ze laachen an déi ze beschwichtegen, déi Englesch versti souwéi si ze encouragéieren, di Jonge mat de rosene Blécker ze berouegen. Wéi sech jidderengem offenbaart, wat de Graffiti duerstelle wäert, huet sech d'Stëmmung zum extrem Positive gewennt. Gläichzäiteg geet et lass mat enger Party an der Stad, well bei den Universitéitswalen d'Fatah gewonnen huet. Vu datt d'Walen op der Uni fir Studentevertrieder d'Wale fir d'Stad rëmspigelen, woren der vill immens frou. A si wëssen et ze weisen, mat den Autoen duerch d'Stad, all Tutgeräisch mindestens eemol vertrueden, jonk Männer, di an den Autosfënstere sëtze mam palästinensesche Fändel, deem vun der Fatah oder engem Kefier an der Hand, deen duerch d'Loft flattere gelooss gëtt. Musek aus alle Richtungen. Um Rondpoint, deen ca. 200 Meter d'Strooss erop ass, ass de Verkéier blockéiert fir ze danzen, ze sprangen, ze jäizen, ze sangen, ze klatschen an einfach frou ze sinn.

Allgemeng Begeeschterung ënnert de mëttlerweil zahlräichen Zuschauer ronderëmmer de Graffiti kënnt op, wéi bemierkt gëtt, datt d'Kroun vum Olivebam an de Faarwe vum palästinensesche Fändel gemoolt gëtt. Wi dee leschte Stréch vun der rouder Faarf gemaach ass, brécht eng liicht euphoresch Freed aus, mat Klappen, Jubelen, Päifen a Gröhlen. Dat ass iergendwéi en ergräifende Moment an ech si frou en ze erliewen. Ech denken un d'Bedeitung vum Symbol „Fändel" no, well ech generell dat Symbol ofleenen, well e fir mech fir Nationalismus steet an di staatlech Gewalt representéiert. Mee hei ass et anescht, an dësem Land steet de Fändel fir de Kampf ëm d'Fräiheet vum Vollek.◆

**Natascha Bisbis**

Den Amid wierkt liicht nervös, oder opgedréint, oder villäicht wëll hien och einfach nëmme säi Message un de Public eriwwer kréien. De jonken Israeli mat den donkelen Aen huet, sou wéi seng israelesch Matbierger, dräi Joer Militärservice hannert sech. Opgewuess ass den Amid an enger zionistescher Famill an enger Kolonie an de besate palästinensesche Gebidder. Hie war deemno wéi predestinéiert fir sech no sengem Militärservice weider fir d'Besetzung an d'Kolonisatioun anzesetzen.

De Militärservice an de Besate Palästinenseschen Gebidder awer huet säi Liewen geännert. Säitdeem, dat sinn e puer Joer hier, sou den Amid, ass hien op der Sich no sech selwer. Hie versicht eens ze gi mat deem, wat hien erlieft huet, mat deem, wat hie gesinn huet, mat deem, wat hie gemaach huet.

Den Amid engagéiert sech haut an der israelescher NGO Breaking The Silence, well hien, senge Wierder no, „Leide gesinn huet a Leide verursaacht huet". Dës Organisatioun versicht d'israelesch Gesellschaft an doriwwer eraus d'international Communautéit iwwer d'Mënscherechtsverletzunge vun der israelescher Arméi an de besate Gebidder opzeklären.

Och de Yeoda Shaul wierkt nervös, seng Haut gereizt. Hien, deen ee vun den Grënner vu Breaking The Silence ass, erzielt, wéi déi jonk Zaldoten, di knapp 18 Joer al sinn, vun hire Virgesetzte systematesch den Uerder erhalen der palästinensescher Bevëlkerung Angscht ze maachen. Patrullen, Hausduerchsuchungen, Kierperduerchsuchungen a Verhaftungen hu keng aner Basis wéi Willkür. D'Arméi begrënnt dat hirersäits mat der „Sécherheet", et misst een d'Palästinenser aschüchteren, et misst een hinne weisen, dass d'Arméi iwwerall ass, fir dass se sech jo nëmmen net trauen eng kommen ze loossen. Dat nennt een och nach Terroriséierung.
Mee net nëmmen d'Palästinenser ginn terroriséiert. Vill vun de jonken Israelien, déi dës arbiträr an onmënschlech Uerderen hu missen ausféieren, droen dës Laascht jorelaang mat sech. Si wëssen dacks net wéi se domatte sollen ëmgoen, vill verdrängen et, anerer huelen de Malaise wouer an hunn de Courage ze schwätzen.

De Courage ze schwätzen, dat ass, wat Breaking The Silence versicht bei de jonken Israelien ze erreechen. Mee dat ass net einfach an enger Gesellschaft, déi majoritär hannert der d'Arméi steet, se verteidegt, an déi, déi d'Exzesser dénoncéieren, als Verräter ofstempelt. D'israelesch Gesellschaft huet sech Maueren opgebaut, souwuel physescher wéi mentaler Natur.

Dës Bunkermentalitéit schuet souwuel de Relatioune mat hiren Nopere wéi hinne selwer. Dës jonk Israelie gi géint d'Maueren an hirem Land vir, si leeschte Wourechkeetsaarbecht a setzen sech zesumme mat palästinensesche Friddensaktiviste fir Fridden an. ◆

**Nathalie Oberweis**






Meng éischt Reaktioun, nodeems ech den israelesche Flughafen-Sécherheetscheck passéiert hat: ech brauch eng Cola. Eppes, wat mer Energie gëtt a mer vertraut ass. Meng Nerven hate sech nach net ganz vun der Uspanung erholl, déi Frëndin, mat där ech gereest sinn, war nach net derduerch. Puer Stonne virdru ware mer just frou, endlech kënnen zréckzefléien, well eis déi touristesch-onbekëmmert Stëmmung zu Tel Aviv no 10 Deeg Westjordanland op de Mo geschloe war, well mer d'Kontraster net sou séier verdaut kruten, wéi mer eis dat beim Plange vun der Rees virgestallt haten. Ausserdeem ware mer midd vun der Trance-Disco hannert eisem Hostel, déi eis Schlofversich torpedéiert hat.

Mir waren op der Flucht an deemno vill ze fréi um Flughafen. Also hounge mer an de Still an hunn drop gewaart endlech anchecken ze kënnen.

Eis war bewosst, dass mer „suspekt" Infomaterial dobäi haten a mir haten et sou gutt wéi méiglech verstoppt, eliminéiert, ouni awer allze akribesch virzegoen. Iwwreg bliwwe sinn ënner anerem Brochuren an eng DVD vum Alternative Information Center, enger israelesch-palästinensescher Organisatioun, dären Haaptuleies d'Verbreedung vu kriteschen Informatiounen zu de béidsäitege Gesellschaften an zum Konflikt ass, esou wéi schrëftleschen Dokumenter vun der Al Haq, enger palästinensescher Mënscherechts-ONG. Den éischten Deel vum *security check* hate mer och séier iwwerstan a mir sinn un d'Théik gebiede gi fir eis Bagagen opzeman an déi eenzel Kleedungsstécker op Sprengstoff ënnersichen ze loossen. D'DVD mam bäertegen Aktivist haten se zwar gesinn, awer näischt dozou gesot, a meng gehäkelt Handyspoche mam palästinensesche Fändel hunn se just mat engem béise Bléck kommentéiert. Dee gréisste Sécherheetsrisiko ware scheinbar meng Räiskichelcher, wéinst deenen et laang Diskussioune gouf.

Schliisslech war ech duerch an ech hunn op der Säit op meng Frëndi gewaart. Bei deem hat d'Bild vun deem selwechte bäertegen Aktivist dozou geféiert, dass sech e puer méi Sécherheetsleit ëm hatt gekëmmert hunn an deemno och erëm ëm mech (well si haten net vergiess, dass mer zesumme gereest sinn.) Währenddeem hatt ausgefrot gouf, hunn ech alles dru gesat fir seng Lëpsen ze liesen, am Fall wou se mir déi selwecht Froe stelle géingen. Obwuel mer eis virdrun ofgeschwat haten, wou mer waren a virun allem wou mer net waren, huet d'Situatioun mer all Sécherheete geholl. Ech sinn a Gedanken nach eemol all d'Nimm vun de Plazen duerchgaang, d'Reiefolleg, an där mer se besicht hunn an de Gronn, firwat mer do waren. D'Méiglechkeet, dass se an deenen zwou Versiounen Ennerscheeder feststellen an da méi gréndlech nohake géingen, huet mäi Kapp méi séier schaffe gelooss an dozou bäigedroen, dass sech eng liicht Panik ausgebreet huet.

Schlussendlech si mir déi Froen erspuert bliwwen, mäi Gepäck gouf just nach eng zweet Kéier op dee selwechten explosive Stoff ënnersicht an ech dunn nach eng perséinlech „Leibesvisite", während där ech mech an enger Cabine bis op d'Ennerwäsch ausdoe misst an och mäi Kierper op Sprengstoffspuere gepréift krut, éier ech mat engem frëndlechen Laachen e „good flight" gewënscht krut an an d'Fräiheet entlooss gouf.

No e puer Minutte waarden ass meng Reesbegleedung opgetaucht a mir hunn eis, nodeems ech meng Cola erofgeschott hat, op d'Sich no roudem Wäin gemaach, fir eis vum Schock ze erhuelen an eis ze soen, dass et am Fong „guer net sou schlëmm" war. ◆

**Lea Scholl**